



**Fédération
Luxembourgeoise de
Volleyball a.s.b.l.**

Affiliée à la CEV, à la FIVB et membre du COSL



Strassen, le 17 octobre 2026

Supercoupefinalisten 2026 sti fest

Bei den Dammen kënn et zur Widderhuelung vun der Mixvoip League Finall tëschte der CS Gym Volley an dem VC Mamer.

Am éischte Match huet d' Gym Volley den éischte Saz géint de Vc Stengefort nach kloer mat 25-15 gewonnen. En Wiessel an der Mëtt huet d' Ekipp aus der Haaptstad aus dem Konzept bruecht a Stengefort konnt mat engem 25-22 an de Sätz gleichzéien.

Nees zréck mat der Ufanksopstellung hat Gym am weidere Verlaf keng gréisser Problemer fir de Match mat 25-14 a 25-11 um Enn mat 3-1 ze gewannen.

An der zweeter Halleffinall ass de VC Mamer als Favoritt an de Match gaangen. D' Résidence Walfer huet dem Vizechampion d' Liewen am éischte Saz awer richteg schwéier gemaach. Mamer konnt just mam kléngstméiglechen Ecart vun 2 Punkten mat 1-0 a Féierung goen.

Am zweete Saz sinn déi deels nei forméiert Damme vun der Résidence Walfer dann mat 25-9 virgefouert ginn. Besseren Optakt am drëtte Saz fir Walfer - deen awer séier sollt vun Mamer entschärft ginn. Op béide Säite gouf vill gewiesselt. Un der 3-0 Victoire fir Mamer war awer näischt méi ze änneren.

Bei den Hären spillen um 19h00 den Coupegewënner VC Luerenzweiler géint

An der éischter Halleffinall hu sech de VC Luerenzweiler an de CHEV Dikrech keng Kaddoe gemaach. Et war en serréierte Match op Aenhéicht wou Klenggekeeten den Ënnerscheid gemaach hunn. No zwee Sätz stoung et dann och verdingt 1-1 (26-24, 25-27). Eréischt duerno huet Luerenzweiler de Match kontrolléiert a konnt mat 25-19 a 25-20 eng 3-1 Victoire feieren.

Am leschte Match vum éischten Dag huet sech den Volley Bartreng a fënnf intensive Sätz géint de VC Stroossen, fir Finall qualifizéiert.

Vum Niveau hir war et schonn quasi eng Finall. Vill laang Ballwiessel mat spektakulären Défensen hunn d' Spectateuren an der Waldbelleger Hal begeeschtert a bis op de véierte Saz ware béid Ekippen bis an d' Crunch Time ëmmer no drun.

**Fédération
Luxembourgeoise
de Volleyball a.s.b.l.**

3, route d'Arlon
L-8009 Strassen
Luxembourg

+352 48 41 86
info@flvb.lu
www.flvb.lu

CCPLLULL : LU20 1111 0088 5427 0000
BGLLLULL : LU88 0030 1485 8111 0000
CCRALULL : LU70 0099 7800 0027 6352

RCS : F5200
TVA : LU15593608



**Fédération
Luxembourgeoise de
Volleyball a.s.b.l.**

Affiliée à la CEV, à la FIVB et membre du COSL



Am éischte Saz mam besseren Enn fir de Volley Bartreng (25-18), am zweeten war Stroossen um längeren Hiewel (25-21). Den drëtte Saz konnt Bartreng nees knapps mat 25-23 fir sech décidéieren. Duerno huet den Mateja Gajin (Stroossen) esou richteg opgedréint. Hien war an allen Elementer dominant a féiert Stroossen mat 25-15 an de fënnefte Saz.

Hei konnt Bartreng den éischten Ecart vun 2 Punkte réaliséieren an deem och mat an de Säitewiessel bei 8-6 huelen. Stroossen konnt bei 8-8 ausgleichen, mee Bartréng huet gekontert (10-8). Opreegung gouf et bei enger Videochallenge, déi vun Stroossen gefrot gouf. Um Enn blouf de Punkt awer fir Bartreng. De leschte Punkt vun der Partie huet de Beachvolleyball Nationalspiller Steve Weber fir déi Bartrenger gemaach.

Domatt kënn et zur Neioplaag vun der Coupefinal zu Bissen tëschent Luerenzweiler a Bartreng.

**Fédération
Luxembourgeoise
de Volleyball a.s.b.l.**

3, route d'Arlon
L-8009 Strassen
Luxembourg

+352 48 41 86
info@flvb.lu
www.flvb.lu

CCPLLULL : LU20 1111 0088 5427 0000
BGLLLULL : LU88 0030 1485 8111 0000
CCRALULL : LU70 0099 7800 0027 6352

RCS : F5200
TVA : LU15593608

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN



MIXVOIP